**Dem Aloyse J. SCHILTZ säi Wee**
**(gebuer den 21.1. 1919 zu Ettelbreck)**

Frankräich - Spuenien - Portugal - Irland - England - Frankräich

**den 28.8.1941 : Evasioun no Frankräich.**
d'Verhaftung vum Ad. Claude, Chef vun der LFK, woubäi der Gestapo eng Lëscht mat Nimm - och sengem - an t'Hänn koum, huet dozou gefouert.
Säin But war fir an enger alliéierter Armée der Heemecht ze dengen. Seng Passeuren op der Grenz waren seng Frënn Albert Ungeheuer an E. Leger vun Déifferdeng.

den 31.8.1941 : Passage vun der "Ligne de démarcation" bei Mouchard (Jura, France) obschon Incident mat preiseschem Grenzschutz.

Sept. 1941 bis August 1942 : könnt iwer Poligny-Macon- op Montpellier : dann op Digne an Lyon. (Foyer des étudiants étr.)
Et gelengt him vum amerikaneschen Consulat eng Autorisatioun ze kréien fir an d'Ausland.

4.8.1942 : passéiert di spuenesch Grenz an erreecht ongeschuren LISSABON (Portugal).

2.9.1942 : könnt iwer Irland an ENGLAND un.

Dezember 1942 : gëtt - mat Hëllef fun der lëtz. Regierong - als Fräiwëllegen an Aspirant-officier-ugeholl an der "Ecole Militaire des Cadets de la France Libre" zu RIBBESFORD/ENGLAND.

1943 bis Juli 1944 : militäresch Ausbildong: Infanterie - Commando an Parachutiste. Promovéiert zum franséischen Offizéier.

August 1944 : Könnt an Operatioun a gët parachutéiert an de franséischen Maquis (Forces fr. de l'Intérieur) bei Mézières-Charleville (Ardennes).

5.9.1944 : Kontakt mat der 5th US Armoured Division.

**8.9.1944** : Gët, op Ufro, vun den Franzousen bei d'Amerikaner détachéiert an hölt un der Liberatioun vu LETZEBUERG déel.

**10.9.1944** : Fënd nomëttes am Pafendaller Presbytère säi Brudder René eröm (no dräi Joer !). - Säi Papp a säin aanere Brudder sin am KZ-NATZWEILER, seng Mamm a Schwester sin ëmgesiedelt (Hunsrück)

**14.9.-20.9.1944** : As zu Wallenduerf bei der éischter amerikanescher Attaque op "d'Siegfriedlinn" derbei. - Hie bleift bei der 5th Arm. Division.

**as bis Dez. 44** détachéiert bei der "SHAEF-Mission " zu Lëtzebuerg.

**1945** - gët vun der lëtz. Regierong mat der Opstellong vun der éischter lëtz. Garde-Compagnie chargéeiert déi - den 14. Abrëll 1945 - - d'Grande-Duchesse Charlotte - no 5 Joer Exil - zu Lëtzebuerg ëmfänkt .

CITATION FOR MEDAL OF FREEDOM
WITH BRONZE PALM

Captain Aloyse J. Schiltz, Luxembourg Army, for exceptionally meritorious achievement which aided the United States in the prosecution of the war against the enemy in Continental Europe, from 7 December 1941 to 12 January 1946. During this period he distinguished himself by his great courage, initiative, and outstanding devotion to the Allied cause. His actions exemplified the highest standards of the service, thereby meriting the praise and recognition of the United States.

OFFICIAL

GO 7, Hqs EUCOM, 23 Jan 48

Incl 2